
# Kanner, loosst mer lëschteg sënn




**1.** Kanner, loosst mer lëschteg sënn,
well de Kleesche kënnt geschwënn:

**Ref.:** Kleesche, Kleesche, léiwen Zinniklos,
deen s du d'Kanner gären hues,
héier ons, hellg'en Niklos.

**2.** Lues schlauft hien an d'Haus eran
fir ons all grouss Freed ze man:

**3.** Gläich kuckt hien sech d'Zied'len un,
déi mir him geschriwwen hunn:

**4.** Fëllt dann d'Tell'ren an der Rei,
mat Gebäck a Spillgezei:

**5.** Mat vill Saache fir déi Gutt,
fir déi Wéischt näischt wéi eng Rutt:

**6.** An da flitt en huerteg gläich,
zréck nees op an d'Himmelsräich:


**7.** Mir si muerges op mat Zäit,
wann nach d'Nuecht ëm d'Haiser läit:

**8.** Stiermen dann op d'Tell're lass,
Mond an Aginn opgerass:

**9.** De Verstand bleift muenchem sto'n,
't ass e Gléck, 't ass net ze so'n:

**10.** An da sange mir voll Freed,
datt et héich zum Himmel geet:

# Nach eemol ginn ech schlofen




**1.** Nach eemol ginn ech schlofen,
an ass der Dag dann no,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

Musik/Cycle 2

12 Datum:

# Niklosdag

2

## Niklosdag ass gläich do

Text a Musék: L. Moro






# Am Dezember vrun Niklosdag

T | Jemp Rollinger




Säi Gesell dee schwaarzen Houseker
ass op Schrëtt an Trëtt dobäi.
An déi Kanner, déi ze frech sinn,
stécht hien a säi Sak, oh mei!



# Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen




**1.** Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerhand,
fir ze kucke, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland!

Bei der Dir, do stinn eis Telleren,
beieneen an enger Rei,
’t läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei,
’t läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei!

**2.** Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerlee,
mir eng Pëppchen an eng Wéichen,
onsem Charly eng nei Lee!

Dann nach eppes fir de Mëndchen,
domat sinn ech extra frou,
sou e klenge Schock‘lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou,
sou e klenge Schock‘lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou!